St. Willibrord Äischdall-Helpert

Parbréif

fir d'Par St. Willibrord
Äischdall-Helpert

Wochen vum 23. September bis den 3. November 2019

N° 6/19 – Jg 3

Par Äischdall-Helpert St-Willibrord

Pastoralteam
Equipe pastorale

Abbé **Joël Santer**, Paschtouer	☎ 26610403	joel.santer@cathol.lu
Abbé **Jos Halsdorf**, Diakon	☎	jos.halsdorf@cathol.lu
Mme **Huguette Muller-Kirsch**	☎ 621180206	huguette.muller@cathol.lu
Mme **Chantal Lotzkes**, Sekretärin	☎ 835003495	aischdall-helpert@cathol.lu

Parsekretariat Biissen (6, route de Mersch, L-7780 Bissen)
Pemanence: vu méindes bis freides vun 8 – 12 Auer!

Massekont: CCPL LU31 1111 2577 0270 0000

Redaktiounsschluss fir de nächste Parbréif:
18. Oktober 2019 um 12 Auer!

Parbréif 6/19 gët an enger Oploo vun 800 Stéck gedréckt.
www.gemeindebriefdruckerei.de (verwendetes Papier aus nachhaltiger Forstwirtschaft)

De nächste Parbréif N° 7/19 geet vum 4. November bis den 15. Dezember 2019

Impressum:
Par Äischdall-Helpert St-Willibrord
Presbytère: 61, route d'Arlon, L-7415 Brouch (Mersch)
https://cathol.lu/aischdall-helpert

Fonds de gestion des édifices religieux et autres biens relevant du culte catholique

KIERCHEFONG

SOS
D'KIERCH SOLL AM DUERF BLEIWEN

Vum 1. Mee 2018 ass d'finanziell Ënnerstëtzung vun de Kierchegebaier säitens de Gemengen net méi automatesch garantéiert.
D'fianziell Hëllef vu jidderengem ass gefrot fir datt d'Kierch kann a sengem Duerf bleiwen.
Wéi kann ech finanziell hëllefen?
Iwwert en Don, dee steierlech ofsetzbar ass, un:

Fondatioun Sainte-Irmine
CCPLLULL LU64 1111 7017 0305 0000

mat der **Mentioun „Don Par Äischdall-Helpert + Nummer + Numm vun der Gemeng":**

- Don Par Äischdall-Helpert 09/025 Kierchen aus der Gemeng Biissen
- Don Par Äischdall-Helpert 09/026 Kierchen aus der Gemeng Helperknapp
- Don Par Äischdall-Helpert 09/027 Kierchen aus der Gemeng Sëll
- Don Par Äischdall-Helpert 09/028 Kierchen aus der Gemeng Habscht
- Don Par Äischdall-Helpert 09 fir eis Par generell

All Donateur kritt ee Certificat vun der Fondatioun Sainte-Irmine fir bei d'Steiererklärung ze leeën.

Villmols Merci fir Är Generositéit

Ad Fontes!
oder
Back to the basics!

Eis Lëtzebuerger Kierch ass am Ëmbroch. Hei denken ech net nëmmen un déi ganz ëmstridde Reforme vun hirem Verhältnis zum Staat an zu de Gemengen, mee un eis Gemeinschaft, déi numeresch méi kleng gëtt. Aus enger Vollekskierch, déi ech selwer perséinlech gären hat, entwéckele mir eis méi a Richtung vun den urchrëschtlechen Hausgemeinschaften.

De Lukas, Auteur vun der Apostelgeschicht, nennt véier Quelle vun eisem Glawen: "Die nun, die sein Wort annahmen, ließen sich taufen. Sie hielten an der Lehre der Apostel fest und an der Gemeinschaft, am Brechen des Brotes und an den Gebeten." (Apg 2, 41a & 42).

1. Trei zur Léier vun den Apostelen. D'Apostelen hunn net hir eege Messagen erfonnt a verbreet, mee waren dem Message vum Jesus trei. An der Kierch gëtt net egal wat verkënnegt, mee et geet ëm den Härgott säi Wuert.

2. D'Kierch ass eng Gemeinschaft. Dofir bekenne mir eis jo am Credo zur "Gemeinschaft der Heiligen". Och wa mir net alleguer ënner dem selwechten Daach liewen, eis vläicht net all Dag begéinen, ass d'Kierch dach an hirem Kär eng Gemeinschaft. Leider vermësst een zu Lëtzebuerg an eiser kathoulescher Kierch dacks dës Gemeinschaftsgefill, awer mat all Daf wiisst dës Gemeinschaft. Net vun ongeféier hu mir dofir och an eiser Par en Aarbechtsgrupp Diakonie, fir onbemierkt an eiser Noperschaft ze hëllefen.

3. Broutbriechen. An all Eucharistiefeier ass d'Broutbriechen nieft der Verkënnegung vum Wuert fir eis Katholike ganz wichteg. Andeems de Priister, deen "in persona christi" handelt, beim Héichgebiet d'Asetzungswierder "Das ist mein Leib" an "Das ist mein Blut" seet, geschitt déi geheimnisvoll Wandlung vun der Substanz vu Brout a Wäin an den echte Läif an an dat echt Blutt vu Christus. De Jesus schéckt also net einfach en Ambassadeur oder e Beamten an eis Dierfer an hie

verschéckt och keng Messagen iwwer Whatsapp oder SMS. Am Contraire, de Jesus schenkt sech an all Mass selwer. Et ass d'Geheimnis vun eisem Glawen an en immens grousse Kaddo, déi mir an all Mass empfänke kënnen.

4. Se blouwen am Gebiet. D'Gebiet ass d'Verbindung zum Härgott. Och wa mir net an all Ablack un hien denken, esou bleift hien dach a Verbindung mat eis. Awer dës Bezéiung soll net eesäiteg sinn, am Contraire et soll en Dialog sinn a kann ënnerschiddlech Formen unhuelen, zum Beispill e Stoussgebiet oder en traditionellt Gebiet ewéi de Vaterunser. Grad eis Par bitt heizou am Rousekranzmount Oktober eng breet Offer.

Des véier Quelle gouf et schonns an der Urkierch. Wuel huet sech d'Welt vill verännert, mee dës véier Quelle spruddelen nach ëmmer, och fir eis hautdesdaags. Notze mir d'Kraaft vun dëse Quellen, fir eis a fir eis Matmënschen an eisen Dierfer.

Carlo Mulbach
President vum Pastoralrot

De Pastoralrot ass de « Parrot » vun eiser Par, andeems déi eenzel Duerfgemeinschaften a chrëschtlech Veräiner vertruede solle sinn. Dëse Rot beréit d'Pastoralteam an alle pastorale Froën (Liturgie, Diakonie a Verkënnegung) a leet zesummen de Wee fest, wéi eis Par sech entwéckele soll a wéi de Glaawen kann a soll verbreet a geliewt ginn. Gudd ass ët, wann duerfir och aus all Duerf ee Vertrieder derbäi wier. Wann een Interessi huet, sech an eiser Par ze engagéieren fir d'Zukunft matzegestalten, dann ass jiddfereen häerzlech invitéiert, mol an eis Versammlung luussen ze kommen. Déi nächst Versammlung ass e Méindeg, den 23. September 2019 um 19:30 Auer am „Salon bleu" iwwert der Sakristei vun der Bricher Parkierch!

Par Äischdall-Helpert St-Willibrord

Eisen Äerzbëschof gët Kardinol

Ganz erstaunt a frou ware mer, wéi de Poopst Franziskus den 1. September 2019 beim Angelus ee neie Consistoire aberuff huet, a wéi mer héieren hunn, dass hiën eisen Äerzbëschof, de Mgr Jean-Claude Hollerich zum Kardinol erhiewe wëll. Mam him kritt d¨Äerzbistum Lëtzebuerg eng éischte Kéier a senger Geschicht, ee Kardinol.

Ee Kardinol ass een enke Mataarbechter vum Poopst an der Gesamtleedung vun der kathoulescher Kierch, an een Titel, deen een op Liewenszäit dréit. Op dës Weis kënnt de Kardineel eng beroodend Fonktioun zou, si sinn sou eppes wéi de „Senat“ vum Poopst. Derniewent iwwerhëllt ee Kardinol och divers Aufgaben an der Weltkierch. Fir eise Bëschof heescht daat, dass hiën an der Zukunft nach méi international Aufgaben iwwerhuele wäert, niewent senger éischter Fonktioun als Äerzbëschof vu Lëtzebuerg an domatter als Hierd vun eiser Kierch.

Déi wichtegst Aufgab vum „Collège des cardinaux“ ass d'Wiel vum neie Poopst. Dobäi gët een aus hierem Krees zum Poopst gewielt. Am Moment ginn et weltwäit 215 Kardineel, vun deenen aawer nëmmen 118 konklavberechtegt sinn (ënner 80 Joer). Mat den 13 neie Kardineel, déi de 5. Oktober erhuewe ginn, klëmmt dës Zuel op 128.

De 5. Oktober wäerd de Poopst Franziskus während enger liturgëscher Feier am Péitersdoum zu Roum eisem Äerzbëschof déi rout Birett (Kardinolshutt) opsetzen an domatter an de Kardinolskollegium ophuelen. Déi rout Purpurfaarw, déi d'Kardineel droën, soll weisen, dass si mat hierem Liewen zu Jesus Christus stinn, an der Trei zum Bëschof vu Roum. Doriwwer eraus kritt all Kardinol eng Titelkierch zu Roum, un déi hiën pro forma gebonnen ass fir säin enke Lien mam Nofollger vum Péitrus zum Ausdrock ze bréngen. Un dëser Kierch wäert an Zukunft och säi Kardinolswoopen hänken.

Als Par félicitéiere mir eisem Äerzbëschof fir dës grouss Éier, a mir wëllen den zukünftege Kardinol mat eisem Gebied ënnerstëtzen.

Ee Weibëschof fir Lëtzebuerg

De 24. Juli 2019 huet de Poopst Franziskus de Chanoine a Generalvikar Leo Wagener zum Titularbëschof vun Acque nuove di Nunidia an zum Weibëschof fir Lëtzebuerg genannt.

Opgrond vun senge villen europäeschen Aufgaben (Präsident vun der COMECE, der Bëschofskonferenz vun den EU-Staaten) an internationalen Aufgaben, huet eisen Äerzbëschof, de Mgr Jean-Claude Hollerich, ee Weibëschof fir Lëtzebuerg zu Roum ugefroot. Weibëscheef ginn et och schon an eisen Nopeschdiözesen: sou huet d'Diözes Tréier zënter jehier dräi Weibëscheef, déi den Diözesanbëschof bei senger Aufgab op deem groussen Territoire ënnerstëtzen. Och Metz huet zanter ugangs 2019 ee Weibëschof, an eis belsch Nopeschdiözes Namur haat während ville Joren ee Weibëschof, deen Enn Juni Diözesanbëschof vu Namur ginn ass.

Ee Weibëschof (Auxiliarbëschof, Hëllefsbëschof) ass ee richtege Bëschof, deen engem Diözesanbëschof zur Säit gestallt gët. Well hiën aawer nët Diözesanbëschof ass, kritt hiën ee fiktivt Bistum (meeschtens ee Bistum, waat am Laaf vun de Jorhonnerten ënnergaagen ass) als Titularbistum. Sou ass de Mgr Wagener Titularbëschof vun Acque nuove di Numidia, engem am 7. Jorhonnert ënnergaangenem Bëschofssëtz an Nordafrika.

Diözesanbëschof ass och weiderhinn de Mgr Jean-Claude Hollerich als Äerzbëschof vu Lëtzebuerg. A senger Kathedral an der Stad steet d'Kathedra (Léierstull), déi him zousteet a wouduerch däitlech gët, dass hiën de Hierd vun der Kierch vu Lëtzebuerg ass. Ënnerstëtzt gët hiën vun elo un vum Weibëschof. De Mgr Leo Wagener bleiwt och nach weiderhinn Generalvikar niewent engem zweete Generalvikar, dem Abbé Patrick Muller.

Als Par wënsche mer eisem Weibëschof Leo Wagener, eng glécklech Hand an dem Härgott säi Seegen fir säi Wierken an eiser Äerzdiözees. D'Bëschofswei wäert stattfannen an der Kathedral e Sonndeg, den 29. September 2019, um 15 Auer. Häerzlech Invitatioun!

Gottesdéngschtuerdnung

fir d'Wochen vum 23. September bis den 3. November 2019

Méindeg, 23.09.19 — Hl. Padre Pio, + 1968

09:00 **Téinten:** Mass fir Josette Bichler-Kolbach.

19:30 **Bruch:** Versammlung vum Pastoralrot am „Salon bleu".

Dënschdeg, 24.09.19 — (Hl. Rupert an hl. Virgil, + 8. Jht)

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass fir Aloyse Liefgen.

19:30 **Biissen:** Versammlung vun der Katecheesequipe am Parsall.

Mëttwoch, 25.09.19 — (Hl. Niklaus vu Flüe, + 1487)

Kee Gottesdéngscht an eiser Par!

Donneschdeg, 26.09.19 — (Hl. Kosmas an hl. Damian, + ëm 300)

17:30 **Habscht:** Rousekranzgebied fir eise neie Weibëschof.

18:30 **Rued:** Mass als Joermass fir Jean-Paul Weiler.

Freideg, 27.09.19 — Hl. Vinzenz vu Paul, + 1660

09:00 **Bruch:** Laudes.

➔ Uschléissend: eucharistesch Ubiedung (bis 10 Auer).

18:30 **Äischen/Rentert:** Rousekranzgebied.

19:00 **Äischen/Rentert:** Pilgermass zur Éier vun der schmäerzhafter Muttergottes **– gesongen vun der „Chorale Ste-Cécile" vu Bësch-dref –** op Meenung (P35).

Samschdeg, 28.09.19 — (Hl. Wenzel, + 929)

09:30 **Äischen:** Katechees (C1, Ko, C2) am Parsall.

10:00 **Äischen:** Kiercherallye mat de Kanner aus der Katechees.

11:30 **Habscht:** Daffeier fir Letizia Hilger / fir Maxime Pauly / fir Pamela Thill.

16:00 **Biissen:** Katechees (C1, Ko, C2) am Parsall.

16:30 **Biissen:** Kiercherallye mat de Kanner aus der Katechees.

26. Sonndeg am Joreskrees C

Samschdeg, 28.09.19
17:30 **Biissen:** Stëllt oder gemeinschaftlecht Gebied.
18:00 **Biissen:** Virowendmass als Joermass fir Henri Wietor / fir José Dias / fir d'Verstuerwe vun de Familljen Stiefer, Gilson, Gilson-Hoffmann, fir Martin Gilson, fir Sebastien Ermer / fir d'Verstuerwen vun der Famill Weis-Maas, fir d'Madame Flener-Maas, fir Anni Funk fir Liliane a Will Schreurs-Weis / fir Colette Zimmer-Kellen.

Sonndeg, 29.09.19
09:00 **Habscht:** Gemeinschaftsmass als Stëftung fir Alphonse an Tilly Ferber-Dupont.
10:30 **Sëll:** Houmass op Meenung fir d'Par / 6. Wochemass fir Marie-Jeanne Schumacher-Weiten / Stëftung fir Marguerite Aust-Gidt.
11:30 **Sëll:** Daffeier fir Abigaël Breno.
15:00 **Kathedral:** Feierlech konzelebréiert Pontifikalmass mat **Bëschofswei** fir eisen zukünftege Weibëschof, Mgr Leo Wagener.
17:00 **Téinten:** Eucharistesch Ubiedung (bis 18 Auer).
Kollekt fir d'Ausgaben vun eise Kierchen an der Par!

Méindeg, 30.09.19 Hl. Hieronymus, + 420
09:00 **Téinten:** Mass fir d'Verstuerwen vun de Familljen Meiers, Schmitz an Hutmacher / Stëftung fir d'Verstuerwen vun de Familljen Kolbach, Mergen, Neyens a Wohltäter vun der fréierer Par.

Dënschdeg, 01.10.19 Hl. Theresia vu Lisieux, + 1897
09:00 **Bruch:** Laudes a Mass fir Lucie Steichen-Derneden / Stëftung fir Wohltäter.
18:30 **Téinten:** Rousekranzgebied am Oktober.

Mëttwoch, 02.10.19 Helleg Schutzengel

18:30 **Bruch:** Rousekranzgebied am Oktober.
18:30 **Simmer:** Rousekranzgebied am Oktober.

Donneschdeg, 03.10.19 165. Joresdag vum Biisser Verspriechen
Gebiedsdag fir geeschtlech & kierchlech Beruffer

17:30 **Habscht:** Rousekranzgebied fir geeschtlech a kierchlech Beruffer.
18:00 **Biissen/Wobierg:** Rousekranzgebied am Oktober.
18:30 **Biissen/Wobierg:** Mass zur Éier vum hellege Rochus, fir all liewend a verstuerwe Memberen vun den „Enrôlés de force" / fir d'Verstuerwen vun de Familljen Conrardy-Langue, Zahner a Kips / fir d'Verstuerwen vun de Familljen Geisen-Watgen an Heuskin-Birkel / fir geeschtlech a kierchlech Beruffer an eiser Äerzdiözes / Stëftung fir d'Verstuerwen vun der Famill Winandy-Boden.

Freideg, 04.10.19 Hl. Franz vun Assisi, + 1226
Éischte Freideg am Mount (Häerz-Jesu-Freideg)

18:30 **Bruch:** Vesper a Mass op Meenung (P36).
➔ Uschléissend: eucharistesch Ubiedung (bis 19:30 Auer).
20:00 **Bissen:** Oração de terço em outubro em portuges.
(Rousekranzgebied am Oktober a portugiesescher Sprooch).

Samschdeg, 05.10.19

09:00 **Äischen:** Mass als 6. Wochemass fir Edmée Gilles.
10:00 **Gräisch:** Daffeier fir Marx.
11:30 **Béiwen:** Daffeier fir Elisa Graffé.
11:30 **Huelmes:** Daffeier fir Raphaël Peiffer.
15:00 **Bruch:** Hochzäitsmass fir Mike Martins Danaia a Nathalie Vassalo Pereira.
15:00 **Habscht:** Hochzäitsfeier fir Eric Talavet a Laure Omont.
16:00 **Biissen:** Katechees (C3) an der Kierch.

Haut gët de Mgr Jean-Claude Hollerich sj, Äerzbëschof vu Lëtzebuerg, zum Kardinol erhuewen. Mir wëllen him félicitéieren a ganz besonnesch fir de neie Kardinol bieden.

27. Sonndeg am Joreskrees C

Äussert Kierchweihfest vun der Basilika vu Sëll (Kiermes)

Rousekranzsonndeg

Rouchidag zu Biissen

Samschdeg, 05.10.19

17:30 **Habscht:** Rousekranzgebied am Oktober fir eise neie Kardinol.

18:00 **Habscht:** Virowendmass als 1. Joermass fir Irène Hirsch-Heisch-Bourg / fir Anna Scholer-Schiltz.

20:00 **Biissen/Wobierg:** Concert spirituel mam Ensemble «Clarasius» (Uergel & 3 Trompetten) (Org. «Les soirées musicales Bissen»).

Sonndeg, 06.10.19

08:30 **Sëll:** Feierlech **Kiermesmass** fir all lieweg a verstuerwen Awunner vu Sëll / 6. Wochemass fir René Gengler / Stëftung fir d'Verstuerwen vun de Familljen Frisch-Huss, Kieffer-Kasel, Ney-Zeyen a Kanner.

10:00 **Biissen:** Katechees (C1, Ko, C2) am Parsall.
Bei der Gowebereedung kommen d'Kanner an d'Mass derbäi.

10:00 **Biissen:** Feierlech Houmass zur Éier vum hellege Rochus, op Meenung fir d'Par / 7. Joermass fir Margot an Erwin Ries-Schmoetten / fir Jean Klos / fir d'Verstuerwen vun der Famill Schmitgen.
→ Uschléissend**: Bitt- a Sakramentsprëssesioun** zur Éier vum hellege Rochus op de Wobierg an nees zréck an d'Kierch.

16:00 **Biissen:** Andacht zur Éier vum hellege Rochus.
→ Uschléissend: **Griewerseegnung.**

17:00 **Téinten:** Eucharistesch Ubiedung (bis 18 Auer).

Kollekt fir d'Ausgaben vun eise Kierchen an der Par!

De 17. August 1854 ass d'Cholera zu Biissen ausgebrach. Vu Mëtt August bis Ufank Oktober sinn 270 Awunner krank ginn, ongefëier 70 vun hinne

sinn un der Krankheet gestuerwen. An dëser batterer Zäit hunn d'Awunner sech un hier Kapell um Wobierg erënnert, déi an der Peschtepidemie am Joer 1636 gebaut gouf, an am Joer 1770 vun de Biisser Duerfgemeinschaftan hierer heiteger Form nei opgeriicht gouf. D'Kapell gouf dem Hellege Kräiz an der Schmäerzensmamm, der Mater Dolorosa, geweit. Während der franséischer Revolutioun gouf dës Kapell entweiht. Den 18. September 1854 gouf mat der Restauratioun ugefaangen an no véierzeng Deeg waren d'Aarbechte fäerdeg. Den 3. Oktober 1854 gouf an enger feierlecher Prëssessioun d'Statue vun der Mater Dolorsa (déi virdrun an der Kapell um Kierfecht stoung) op de Wobierg bruecht, an d'Kapell gouf vum deemolege Provikar a spéideren éischte Bëschof vu Lëtzebuerg, dem Mgr. Nikolaus Adames ageseent. D'Statue vun der Mater Dolorosa gouf nees op hierer aler Plaz, an enger Nisch iwwert der Entrée vun der Kapell opgestallt, an déi Biisser hu versprach, dass, wann hiert Duerf vun däer schrecklecher Krankheet verschount bléif, si, all Joers, den 3. Oktober, an enger feierlecher Bittprëssessioun op de Wobierg géife pilgeren. Bemierkenswäert ass, datt zu deem Zäitpunkt a kengem Bericht den hellege Rochus ernimmt gëtt. Doraus muss ee schléissen, dass d'Uschafe vun enger Rochusstaute an d'Veréierung vun deem Hellegen um Wobierg eréischt no 1854, wahrscheinlech no der zweeter Choleraepidemie am Joer 1866 agetruede sinn. Och eng Reliquie vum hellege Rochus koum am 19. Jorhonnert op Biissen. Am Joer 2003 huet de Gemengerot vu Biissen, den deemolege Kiercherot, de Parrot an den deemolege Paschtouer, den Deche Ferdy Fischer beschloss, de Rouchidag nët méi um 3. Oktober ze feieren (dee meeschtens an d'Woch fällt), mee um Sonndeg duerno, wat jo och dëst Joer de Fall ass.

Haut ass keng Pescht a Cholera méi an eisen Dierfer, mä haut ginn ët modern Seuchen: Mobbing, psychesch Krankheeten, Klimaverännerung, d'Säkulariséierung, …, a villes méi. Fir all dës Uleies wëlle mer am Gebied op eise Wobierg pilgeren, fir dass den Härgott äis vun der moderner Pescht a Cholera befreie soll. Den Härgott lauschtert op d'Gebied vun de Mënschen. A mir hunn ee Fürspriecher am Himmel, den hellege Rochus, dee nach ëmmer seng Hand iwwer eis Uertschaft gehaalen huet. Doropper wëlle mer vertrauen an duerfir wëlle mer de Rouchidag och dëst Joer an Éiren haalen.

Häerzlech Invitatioun un all Chrëschten vu Biissen an doriwwer eraus u jiddfereen, dem Verspriechen vun 1854 nozekommen, an de Rouchidag och dëst Joer matzefeieren. D'Verspriechen vun eise Virfaahren soll och fir äis haut eng Verpflichtung sinn, sou wéi mer et am „Biisser Rouchilidd" sangen: „Dem alten Brauch der Väter treu…".

Prëssessiounsuerdnung:

1. Massendénger mam Kräiz.
2. Pompjeescorps vu Biissen.
3. Häerz-Jesu-Fändel.
4. Fatimastatue.
5. Portugiesesch Gemeinschaft.
6. Statue vum hellege Rochus, bedroën vum Biisser Eltereveräin.
7. Kanner aus der Katechees.
8. Éischtkommiounskanner vu Biissen.
9. Massendénger.
10. Sakramentshimmel.
11. Gemengekiercherot Biissen a Gemengerot vu Biissen.
12. Chorale Ste-Cécile Biissen.
13. Muttergottesfändel.
14. Statue vun der Tréischterin.
15. All aaner Chrëschten, déi matbieden.

Méindeg, 07.10.19 Hl. Maria, Rousekranzkinnigin

09:00 **Téinten:** Mass zur Éier vun der Rousekranzkinnigin, als Stëftung fir eise fréiere Paschtouer Michel Schiltz, fir d'Verstuerwen vun de Familljen Huberty, Lecomte, Engel, Schiltz, fir d'Schoulkanner an hier Familljen.

18:30 **Bruch:** Dafvirbereedung am „Salon bleu".

19:30 **Sëll:** Rousekranzgebied am Oktober.

Bild: Friedbert Simon
In: Pfarrbriefservice.de

Dënschdeg, 08.10.19

09:00 **Bruch:** Laudes a Mass als Stëftung fir d'Verstuerwen vun de Familljen Pütz, Backes a Wohltäter.

18:30 **Téinten:** Rousekranzgebied am Oktober.

Mëttwoch, 09.10.19 (Hl. Denis vu Paris, + ëm 240)

18:30 **Bruch:** Rousekranzgebied am Oktober.

18:30 **Habscht:** Rousekranzgebied am Oktober.

Donneschdeg, 10.10.19

18:00 **Gräisch:** Rousekranzgebied am Oktober.

18:30 **Gräisch:** Mass fir d'Verstuerwen vun der Famill Frank-Ravignat / Stëftung fir Nic Jentges.

Virun 353 Joer, den 10. Oktober 1666, gouf d'Maria, d'Tréischterin am Leed, zur Patréinesch vun der Stad Lëtzebuerg erwiehlt.

Freideg, 11.10.19 (Hl. Poopst Jean XXIII, + 1963)

09:00 **Lëtzebuerg/Centre Jean XXIII:** Bëschofsmass fir de Priesterrot.

18:30 **Bruch:** Rousekranzandacht virum Allerhellegsten.

20:00 **Bissen:** Oração de terço em outubro em portuges

Samschdeg, 12.10.19

09:30 **Äischen:** Katechees (C2) am Parsall.

09:30 **Téinten:** Minitreff an der Kierch (Katechees fir jonk Elteren mat hiere klenge Kanner (Puppelchen bis Spillschoul), bis 11 Auer).

11:30 **Biissen:** Daffeier fir Mayla Costa.

16:00 **Biissen:** Katechees (C2) am Parsall.

Den nationale Gedenkdag, deen un d'Resistenz vum Lëtzebuerger Vollek un déi schwéier Zäit vun 1940 bis 1945 erënnert, gët op dësem Weekend an eise Gemenge gefeiert. Wiën an der Demokratie schléift, waacht an der Diktatur op. Duerfir ass et wichteg, sech senger Vergaangenheet ze stellen, an nie ze vergiessen, waaten jonk Lëtzebuerger deemols fir eis Heemecht gemaach hunn.

28. Sonndeg am Joreskrees C

Journée de la commémoration nationale

Samschdeg, 12.10.19

17:30 **Biissen:** Rousekranzgebied am Oktober.

18:00 **Äischen:** Virowendmass fir all lieweg a verstuerwe Krichsaffer aus der Gemeng Habscht / 6. Wochemass fir Célestin Lommel / fir Nicolas Lambert / op Meenung (M).
→ Am Laaf vum Dag sinn zivil Zeremonien bei de Gefaalenemonumenter zu Gräisch, Habscht, Rued a Simmer, zu Äischen no der Mass.

18:00 **Biissen:** Virowendmass fir all lieweg a verstuerwe Krichsaffer aus der Gemeng Biissen / 1. Joermass fir Colette Zimmer-Kellen / Hoffmann-Pauly / fir Vic Neuman / fir Jos Rollinger, Edouard Heck a Philippe Heck.
→ Uschléissend: kuerz Zeremonie beim Gefaalenemonument.

19:30 **Béiwen:** Virowendmass fir all lieweg a verstuerwe Krichsaffer aus der Gemeng Helperknapp / fir Trina a Pierre Ewertz-Schoeben / Stëftung fir d'Verstuerwen vun de Familljen Welter, Berens, Pull, Metzler, Kalmus, Simon a Wohltäter / Stëftung fir Wohltäter.
→ Uschléissend: kuerz Zeremonie beim Gefaalenemonument.

Sonndeg, 13.10.19 113. Kierchweihfest vun der Kierch vu Gräisch

09:00 **Bëschdref:** Gemeinschaftsmass op Meenung (P37).

10:30 **Sëll:** Houmass op Meenung fir d'Par / fir all lieweg a verstuerwe Krichsaffer aus der Gemeng Sëll / op Meenung / Stëftung fir Arthur Kieffer, Adolphe Kieffer, Francine Kieffer-Arend, Jean Heusbourg an André Heusbourg.
→ Uschélissend: kuerz Zeremonie beim Gefaalenemonument.

17:00 **Habscht:** Concert spirituel fir gemëschte Chouer an Uergel (Org.: Ensemble Vocal „Jubilate Musica").

17:00 **Téinten:** Eucharistesch Ubiedung (bis 18 Auer).

Kollekt fir d'Ausgaben vun eise Kierchen an der Par!

Méindeg, 14.10.19 (Hl. Poopst Kallistus I., + 222)
09:00 **Téinten:** Mass als 3. Joermass fir Sophie Fischbach.
19:30 **Sëll:** Rousekranzgebied am Oktober.

Dënschdeg, 15.10.19 Hl. Theresia vun Avila, + 1582
18:30 **Téinten:** Rousekranzgebied am Oktober.

Mëttwoch, 16.10.19 (Hl. Marguérite Marie Alacoque, + 1690)
18:30 **Bruch:** Rousekranzgebied am Oktober.
18:30 **Rued:** Rousekranzgebied am Oktober.
Haut ass den 8. Joresdag vun der Bëschofswei vum Kardinol Jean-Claude Hollerich, Äerzbëschof vu Lëtzebuerg. Am Gebied wëlle mer un hiën denken!

Donneschdeg, 17.10.19 Hl. Ignatius vun Antiochien, + ëm 110)
17:30 **Habscht:** Eucharistesch Ubiedung (bis 18:30 Auer).
18:00 **Habscht:** Rousekranzgebied am Oktober.
18:30 **Habscht:** Mass op Meenung (P38).

Freideg, 18.10.19 **Fest vum hellegen Lukas, Evangelist**
09:00 **Bruch:** Laudes a Mass als Joermass fir Pierre Liefgen.
➔ Uschéissend: eucharistesch Ubiedung (bis 10 Auer).
19:00 **Bruch:** 2. Firmowend (Déi siwwe Goowen vum Hellege Geescht) am fréiere Festsall vun der Schoul.
Dësen Firmowend ass obligatoresch fir d'Firmlingen, mä jiddfereen, deen dëst Thema interesséiert, däerf un dësem Owend deelhuelen.
20:00 **Bissen:** Oração de terço em outubro em portuges

Samschdeg, 19.10.19 (Hl. Paul vum Kräiz, + 1775)
09:00 **Bruch:** Éischtkommiounvirbereedungsdag am fréiere Festsall vun der Schoul (bis 16 Auer).
09:30 **Äischen:** Katechees (C1) am Parsall.
11:30 **Sëll:** Daffeier fir Lenny a Nelly Peller.
14:30 **Téinten:** Hochzäitsfeier fir Marc Mannes an Anne Baumann.
16:00 **Biissen:** Katechees (C1) am Parsall.

21.10
2018

Journée Missionnaire Mondiale
Sonntag der Weltmission
Dia Mundial das Missões
Giornata missionaria mondiale

missio
Luxembourg

Avec les chrétiens d'Éthiopie
Mit den Christen Äthiopiens
Com os cristãos da Etiópia
Con i cristiani dell'Etiopia



Vous serez mes témoins
Ihr werdet meine Zeugen sein
Vós sereis minhas testemunhas
Sarete i miei testimoni

Missio / Œuvres Pontificales Missionnaires
33, Bd Joseph II, L-1840 LUXEMBOURG
Tel: 45 32 61/ missio@cathol.lu
www.missio.lu
Missio- Propagation de la Foi
CCPLULL IBAN LU09 1111 0382 9981 0000

29. Sonndeg am Joreskrees C
Grousse Weltmissiounssonndeg

Samschdeg, 19.10.19
17:30 **Biissen:** Rousekranzgebied am Oktober.
18:00 **Biissen:** Virowendmass als 5. Joermass fir Marc Wendel / fir Laurindo Menezes / fir Roger Teisen, fir d'Verstuerwen vun der Famill Reckinger-Trausch, fir Erny Cornelius a fir d'Verstuerwen vun der Famill Berchem Weis / fir Yvon Wagner / fir Marechen Wantz-Bodé.

Sonndeg, 20.10.19
09:00 **Bruch:** Gemeinschaftsmass als **Radiomass – gesongen vum „Bricher Sängerbond" –** als 6. Wochemass fir Albert Wintersdorf / Joermass fir Théo Hansen / Stëftung fir Andrée Gengler-Wintersdorf / Stëftung fir Pierre Gengler-Eischen a Famill.
10:30 **Simmer:** Houmass op Meenung fir d'Par
17:00 **Téinten:** Eucharistesch Ubiedung (bis 18 Auer).
17:30 **Äischen:** Rousekranzgebied am Oktober.
18:00 **Äischen:** Owesmass op Meenung (M).
Grouss Missiounskollekt fir d'Verbreedung vum Glaawen!

Méindeg, 21.10.19 (Hl. Ursula a Gefährtinnen, + ëm 304)
09:00 **Téinten:** Mass op Meenung (D).
19:30 **Sëll:** Rousekranzgebied am Oktober.

Dënschdeg, 22.10.19 (Hl. Poopst Jean-Paul II., + 2005)
09:00 **Bruch:** Laudes a Mass als Stëftung fir d'Verstuerwen vun de Familljen Welter, Schummers, Mans-Kirsch a Wohltäter.
18:30 **Téinten:** Rousekranzgebied am Oktober.

Mëttwoch, 23.10.19 (Hl. Johannes vu Capestrano, + 1456)
18:30 **Bruch:** Rousekranzgebied am Oktober.
18:30 **Äischen :** Rousekranzgebied am Oktober.

Donneschdeg, 24.10.19 (Hl. Antonius Maria Claret, + 1870)
17:30 **Habscht:** Rousekranzgebied fir eis Par.
18:00 **Kaalmes:** Rousekranzgebied am Oktober.
18:30 **Kaalmes:** Mass als Stëftung fir d'Verstuerwen vun der Famill Nepper.

Freideg, 25.10.19
09:00 **Bruch:** Laudes.
➔ Uschléissend: eucharistesch Ubiedung (bis 10 Auer).
18:30 **Äischen/Rentert:** Rousekranzgebied.
19:00 **Äischen/Rentert:** Pilgermass zur Éier vun der schmäerzhafter Muttergottes **– gesongen vum „Männerchouer Béiwen/Atert"** – als Stëftung fir d'Verstuerwen vun der Famill Robinet.
Mat dëser Pilgermass geet d'Pilgersaison 2019 op een Enn. Grousse Merci den »Oeuvres paroissiales», déi sech ëm d'Organisatioun vun de Massen an ëm den Ënnerhalt vun der Kapell bekëmmeren. Merci aawer och alle Choralen aus eiser Par, déi dëst Joer dës Pilgermassen gesanglech gestalt hunn.
20:00 **Bissen:** Oração de terço em outubro em portuges

Samschdeg, 26.10.19
11:00 **Bruch:** Beichtgeleeënheet virun Allerhellgen.
14:00 **Habscht:** Beichtgeleeënheet virun Allerhellgen.
16:00 **Biissen:** Beichtgeleeënheet virun Allerhellgen.
17:00 **Biissen:** Daffeier fir Dayana Jayna Da Cãmara Santos.

30. Sonndeg am Joreskrees C

Samschdeg, 26.10.19

18:00 **Biissen:** Virowendmass fir déi Lieweg a Verstuerwen vun der AGEP / fir d'Verstuerwen vun de Familljen Gielen-Dohlen-Schmetz-Dasbourg-Boden / Stëftung fir d'Verstuerwen vun de Familljen Victor-Adam, Victor-Geisen a Victor-Pauly.

19:45 **Äischen: Liichterprëssessioun – zesummen mat der portugiesescher Gemeinschaft -** zur Éier vun der Muttergottes vu Fatima, vun der Kapell (Kräizung Grand-Rue/Rue de Hobscheid) an d'Kierch.

20:15 **Äischen:** Virowendmass **– zesummen mat der portugiesescher Gemeinschaft -** als Stëftung fir d'Verstuerwen vun de Familljen Hoffmann-Wolff, Ourth-Hoffmann-Thill a Nilles.

Sonndeg, 27.10.19

09:00 **Téinten:** Gemeinschaftsmass fir d'Verstuerwen vun de Familljen Meiers-Schmitz an Hutmacher.

10:30 **Béiwen:** Houmass op Meenung fir d'Par / fir d'Verstuerwen vun der Famill Kariger-Schmitz / Stëftung fir d'Verstuerwen vun der Famill Ewertz-Schuster / Stëftung fir Abbé Pierre Colbach a fir Marie Colbach.
→ Uschléissend: **Griewerseegnung**.

12:00 **Béiwen:** Daffeier fir Mathias Sébert.

14:30 **Bruch:** Andacht mat besonneschem Gebied fir eis Verstuerwen.
→ Uschléissend: **Griewerseegnung**.

17:00 **Téinten:** Eucharistesch Ubiedung (bis 18 Auer).

Kollekt fir d'Heizkäschten an d'Ausgaben vun eiser Par!

Méindeg, 28.10.19

09:00 **Téinten:** Mass op Meenung (P39).
➔ Uschléissend: Beichtgeleeënheet virun Allerhellgen.

19:30 **Sëll:** Rousekranzgebied am Oktober.

Dënschdeg, 29.10.19
09:00 **Bruch:** Laudes a Mass als Joermass fir Abbé Nicolas Georges.
18:30 **Téinten:** Rousekranzgebied am Oktober.

Mëttwoch, 30.10.19
18:30 **Bruch:** Rousekranzgebied am Oktober.
18:30 **Gräisch:** Rousekranzgebied am Oktober.

Donneschdeg, 31.10.19 Gebiedsdag fir geeschtlech & kierchlech Beruffer
17:30 **Habscht:** Rousekranzgebied fir geeschtlech a kierchlech Beruffer.

Héichfest Allerhellgen C

Donneschdeg, 31.10.19
18:00 **Simmer:** Rousekranzgebied fir all eis Verstuerwen.
18:30 **Simmer:** Virowendmass vun Allerhellgen, fir geeschtlech a kierchlech Beruffer an eiser Äerzdiözes / Stëftung fir d'Verstuerwen vun de Familljen Zoller, Reuter, Schmit, Wagner a Meyer.
→ Uschléissend: **Griewerseegnung** um aale Kierfecht.

Freideg, 01.11.19
09:00 **Bëschdref:** Festmass fir Michel Steffen a Famill / Stëftung fir d'Verstuerwen vun der Famill Schmitz-Bauer a Wohltäter.
→ Uschléissend: **Griewerseegnung.**
10:30 **Biissen:** Feierlech Houmass op Meenung fir d'Par / 5. Joermass fir Jean Nicolas / fir Jos Rollinger, fir d'Verstuerwen vun der Famill Heck-Poulles, fir Edouard a Philippe Heck / fir d'Verstuerwen vun der Famill Schmitgen / fir Henri Wagener a Famill.
→ Uschléissend: **Griewerseegnung.**
14:00 **Kaalmes: Griewerseegnung.**
14:30 **Simmer: Griewerseegnung** um neie Kierfecht.
15:30 **Äischen:** Festmass op Meenung (P40).
→ Uschléissend: **Griewerseegnung.**
Kollekt fir d'Heizkäschten an d'Ausgaben vun eiser Par!

Allerséilen

Samschdeg, 02.11.19

09:30 **Habscht:** Feierlech Requiemsmass fir all Verstuerwen aus der Par, aus eise Familljen, Frëndes- a Bekanntekrees, a fir all Verstuerwen, un déi kee méi denkt / 1. Joermass fir Mathias Espen a fir d'Verstuerwen vun de Familljen Espen-Kirps a Gengler-Ferber.
→ Uschléissend: **Griewerseegnung.**

11:30 **Gräisch: Griewerseegnung.**

14:30 **Téinten: Griewerseegnung.**

15:00 **Huelmes: Griewerseegnung.**

Kollekt fir d'Heizkäschten a fir d'Ausgaben vun der Par!

Den aale Kierfecht bei der Simmer Kierch.
Photo: www.oopenchurches.eu

31. Sonndeg am Joreskrees C

Äussert Kierchweihfest vun der Kierch vun Huelmes (Kiermes)
Patronatsfest vun der Uertschaft Sëll

Samschdeg, 02.11.19
17:30 **Biissen:** Rousekranzgebied fir all Verstuerwen.
18:00 **Biissen:** Virowendmass op Meenung (P41).

Sonndeg, 03.11.19 **Hl. Hubertus (Haupert), + 727**
Patréiner vun der Uertschaft Sëll

09:00 **Huelmes:** Feierlech **Kiermesmass** fir all lieweg a verstuerwen A-wunner vun Huelmes / Stëftung fir d'Verstuerwen vun der Famill Kayser-Scheuer.
10:30 **Sëll:** Feierlech Houmass zur Éier vum hellegen Häupert, op Mee-nung fir d'Par.
→ Uschléissend: **Griewerseegung** um aalen, duerno um neie Kierfecht.
17:00 **Téinten:** Eucharistesch Ubiedung (bis 18 Auer).
18:00 **Äischen:** Owesmass fir den Dr Henri Küntziger (bestallt vun der Fondatioun „Dr Henri Küntziger ALMRT") / op Meenung (M).

Kollekt fir d'Heizkäschten an d'Ausgaben vun eiser Par!

Kierch St. Sebastian vun Huelmes
Photo: Jim Wanderscheid / intranet.cathol.lu

De Rousekranzmount an eiser Par

„Während dem Rousekranzmount Oktober, soll de Rousekranz no Méiglechkeet an eise Kierchen deeglech gebied ginn. D'Bieden fir eng bestëmmten Intentioun kann eist Gebied dobäi förderen. De Rousekranzmount ass eng gudd Méiglechkeet, d'Gebiedsliewen an eiser Par an an eise Familljen ze verdéiwen. Wou den deegleche Rousekranz an de leschte Joren ënnerbrach gouf, sollt versicht ginn, dëst Gebied nei ze beliewen." Sou steet am „Ordo" fir eis Äerzdiözes geschriwwen. Duerfir wëlle mir, an eiser Par, dëst Gebied op deenen eenzelne Plaatzen opliewe loossen. Kommt bei äis, a bied mat äis, fir äis selwer, eis Familljen, eis Kierch, eist Land, jo fir déi ganz Welt. Gebiedsuleies gët ët genuch. A wichteg ass, dass eis Kierchen erëm méi fir d'Gebied gebraucht ginn. Duerfir hei déi eenzel Rousekranzgebieder am Mount Oktober an eiser Par:

Äischen: Sonndes, den 20. Oktober um 17:30 Auer (virun der Sonndesowesmass). Mëttwochs, den 23. Oktober um 18:30 Auer. Samschdes, den 26. Oktober um 19:45 Auer (während der Liichterprëssessioun zur Éier vun der Muttergottes vu Fatima).

Äischen/Rentert: Freides, den 25. Oktober um 18:30 Auer (virun der Pilgermass).

Biissen: Freides, den 4., 11., 18. & 25. Oktober um 19:30 Auer a portugiesescher Sprooch. Samschdes, den 12. & 19. Oktober um 17:30 Auer (virun der Virowendmass).

Biissen/Wobierg: Donneschdes, den 3. Oktober um 18 Auer (virun der Mass).

Bruch: Mëttwochs, den 2., 9., 16., 23. & 30. Oktober um 18:30 Auer. Freides, den 11. Oktober um 18:30 Auer: Rousekranzandacht mat sakramentalem Seegen.
Gräisch: Donneschdes, den 10. Oktober um 18 Auer (virun der Mass). Mëttwochs, den 30. Oktober um 18:30 Auer.

Habscht: Donneschdes, den 3. & 31. Oktober um 17:30 Auer. Samschdes, den 5. Oktober um 17:30 Auer (virun der Virowendmass). Donneschdes, den 17. Oktober um 18 Auer (virun der Mass). Mëttwochs, den 9. Oktober um 18:30 Auer.

Kaalmes: Donneschdes, den 24. Oktober um 18 Auer (virun der Mass).

Sëll: Méindes, den 7., 14., 21. & 28. Oktober um 19:30 Auer.

Simmer: Mëttwochs, den 2. Oktober um 18:30 Auer.

Rued: Mëttwochs, den 16. Oktober um 18:30 Auer.

Téinten: Dënschdes, den 1., 8., 15., 22. & 29. Oktober um 18:30 Auer.

Griewerseegnungen 2019

Sonndeg, 27.10.19 — Sonndeg virun Allerhellgen
10:30 **Béiwen/Atert:** Sonndesmass, uschléissend Griewerseegnung.
14:30 **Bruch:** Andacht, uschléissend Griewerseegnung.

Donneschdeg, 31.10.19 — Virowend vun Allerhellgen
18:30 **Simmer:** Virowendmass, uschéissend Griewerseegnung (um aale Kierfecht rondrëm d'Kierch).

Freideg, 01.11.19 — **Allerhellgen**
09:00 **Bëschdref:** Festmass, uschléissend Griewerseegnung.
10:30 **Biissen:** Festmass, uschléissend Griewerseegnung.
14:00 **Kaalmes:** Griewerseegnung.
14:30 **Simmer:** Griewerseegnung (um neie Kierfecht).
15:30 **Äischen:** Festmass, uschléissend Griewerseegnung.

Samschdeg, 02.11.19 — **Allerséilen**
09:30 **Habscht:** Requiemsmass, uschléissend Griewerseegnung.
11:30 **Gräisch:** Griewerseegnung.
14:30 **Téinten:** Griewerseegnung.
15:00 **Huelmes:** Griewerseegnung.

Sonndeg, 03.11.19 — Sonndeg no Allerhellgen
10:30 **Sëll:** Sonndesmass zum Patronatsfest vun eiser Uertschaft, uschléissend Griewerseegnung (um aalen, duerno vum neie Kierfecht).

Biede mer op dësen Deeg fir eis léif Verstuerwen!

Publicatioun vum Sakrament vum Bestiednis:

Folgend Chrëschten aus eiser Par wëlle sech kierchlech bestueden (et ginn nëmmen déi Hochzäiten publizéiert, wou op m annst ee vun de Brautleit och an eiser Par wunnt):

1. **MARTINS DANAIA Mike & VASSALO PEREIRA Nathalie** vu Bruch (Miersch):
   D'Hochzäitsmass ass de 5. Oktober 2019 um 15 Auer an der Parkierch St. Matthias zu Bruch (Miersch).
2. **TALAVET Eric & OMONT Laure** vun Habscht:
   D'Hochzäitsfeier ass de 5. Oktober 2019 um 15 Auer an der Kierch St. Nikloos zu Habscht.
3. **MANNES Marc & BAUMANN Anne** vun Téinten:
   D'Hochzäitsfeier ass de 19. Oktober 2019 um 14:30 Auer an der Kierch SS. Péiter & Paul zu Téinten.

Aus eiser Par „Äischdall-Helpert St-Willibrord“:

- Wann eis kierchlech Veräiner an aaner Organisatiounen gären ee Concert oder eng aaner Veranstaltung am Parbréif publizéiert hätten, gët daat ganz gäre gemaach. Déi eenzeg Viraussetzung: dem Paschtouer **virum Redaktiounsschluss** den Text oder d'Plakat mailen (Email: joel.santer@cathol.lu).
- Merci all deenen, déi sech bereed erklärt hunn, am Rousekranzmount Oktober an eise Kierchen de Rousekranz virzebieden. Et ass immens wichteg, dass gebied gët, an dass och Chrëschten d'Gebied an d'Hand huelen.

Aus eisen Dierfer:

- **Kaalmes:** Mir sichen eng Persoun, déi sech ëm den Entretien vun eiser Kierch bekëmmert. Falls een sech an eiser Duerfkierch erbaarmt, kann dës Persoun sech beim Paschtouer oder bei engem Vertrieder vum Kiercherot Gemeng Sëll mellen.

An der Niklooskierch zu Habscht:

Priesterdonneschdeg - Gebiedsdag fir geeschtlech Beruffer

An der Kierch gët ët dee schéine Brauch, dass den Donneschdeg virum Häerz-Jesu-Freideg als Gebiedsdag fir geeschtlech Beruffer begaange gët. Um sougenannte „Priesterdonneschdeg“ gët besonnesch fir d'Hellegung vun de Priester an ëm Priester- an Uerdensberuffer, aawer och allgemeng fir kierchlech Beruffer gebied. Dé Gleeweg bréngen dëst Uleies viru Gott an ënnerstëtzen mat hierem Gebied den onverzichtbaren priesterlechen Déngscht.

Ënnert dem Paschtouer Michel Majerus war zu Habscht donneschdes ëmmer ee Gebiedsdag: eucharistesch Ubiedung, Rousekranz a Mass. Dëse reliéise Gebrauch – ët waren ëmmer vill Leit do – wëlle mer eemol am Mount nees opliewe loossen, um sougenannte „Priesterdonneschdeg“, den Dag virum Häerz-Jesu-Freideg. Sou wëlle mer um 17:30 Auer viru Jesus Christus selwer an der Allerhellegster Eucharistie fir eis Kierch bieden, besonnesch fir eis Bëscheef, Geeschtlech, Diakonen an Uerdensleit. Mir wëllen aawer och fir Priester- an Uerdensberuffer bieden, an dëst Gebied wëlle mer ausbreeden op all kierchlech Beruffer iwwerhaapt. Mir brauchen jiddfer Fra, Mann, Kand, Jugendlechen an Erwuessenen, fir dass d'Kierch och weiderhinn d'Evangelium verkënnege kann. An dobäi sinn si an och déi Zukünfteg op eist Gebied ugewisen. Duerno géife mer um 18 Auer de Rousekranz virum Allerhellegsten bieden an dësen Uleies, fir dann um 18:30 Auer d'helleg Mass ze feieren.

Schéi wier ët, wa mer zu Habscht dës Traditioun (vu virunn 10 Joer) erëm géifen opliewe loossen, sou wéi den Häerz-Jesu-Freideg den Dag drop zu Bruch gefeiert gët. Gidd Ärem Häerz ee Ruck, a kommt eemol am Mount bei äis an d'Kierch, fir zesummen ze bieden. Grad déi Habschter Kierch bidd ee schéine, waarme Kader fir Christus ganz intensiv ze begéinen. An nëmmen, wa mer op Christus bauen, kann eis Kierch eng Zukunft hunn. Alles aaneschters ass vergänglech, och d'Kierch, wa mer nët eis Wuerzelen fest op Christus bauen. Haut nach schwärmen vill Leit vun däer schéiner aaler Zäit virun zeng Joer zu Habscht: kommt, mir versichen op en Neits, dësen Donneschdeg virum Häerz-Jesu-Freideg duerch Gebied a Massfeier auszezeechnen.

A wann de Paschtouer mol eng aaner Verpflichtung deen Owend huet, sou wëlle mer dach aaawer de Rousekranz fir dëst wichtegt Uleies bieden, sou dass dëse Gebiedsdag eng fest Plaatz an eisem Parliewen soll hunn.
Déi nächst Gebiedsowender fir kierchlech Beruffer sinn:

- 3. Oktober 2019: 17:30 Auer, Rousekranzgebied
  (keng Mass wéinst Rouchimass zu Biissen)
- 31. Oktober 2019: 17:30 Auer, Rousekranzgebied.
  (keng Mass wéinst Virowendmass vun Allerhellgen)
- 5. Dezember 2019: 17:30 Auer, Stëll Ubiedung, Rousekranz a Virowendmass zum Patronatsfest vun der Habschter Kierch (hellege Nikloos), déi mer och ganz besonnech fir eis Kanner feieren.
- 2. Januar 2020: 17:30 Auer, Rousekranzgebied.
- 6. Februar 2020: 17:30 Auer, Stëll Ubiedung, Rousekranz a Mass.
- 5. Mäerz 2020: 17:30 Auer, Stëll Ubiedung, Rousekranz a Mass.
- 2. Abrëll 2020: 17:30 Auer, Stëll Ubiedung, Rousekranz a Mass.
- 30. Abrëll 2020: 17:30 Auer, Stëll Ubiedung, Rousekranz a Mass.
- 4. Juni 2020: 17:30 Auer, Stëll Ubiedung, Rousekranz a Mass.
- 2. Juli 2020: 17:30 Auer, Stëll Ubiedung, Rousekranz a Mass.
- 6. August 2020: 17:30 Auer, Stëll Ubiedung, Rousekranz a Mass.

Bild: Bistum Essen / Nicole Cronauge
In: Pfarrbriefservice.de

Par Äischdall-Helpert St-Willibrord

Mini - Treff

Fir Kanner vu 0 – 5 Joer,

zesumme mat hieren Elteren oder Grousselteren

Samschdes, vun 9.30 –11.00 Auer:

12. Oktober 2019
(ausnahmsweis an der Kierch zu Tënten)
9. November 2019
(ausnahmsweis an der Kierch zu Tënten)

7. Dezember 2019
4. Januar 2020
1. Februar 2020
7. Mäerz 2020
4. Abrëll 2020
2. Mee 2020
6. Juni 2020
4. Juli 2020

zu Tënten am Veräinshaus

(4, rue de Hollenfels)

Dir gifft lech freeën, wann Ärt Kand:
- **Kanner aus sengem Alter kenneléiert?**
- **mat Kanner spillt, séngt a bastelt?**
- **éischt spannend Geschichten aus der Bibel mat alle Sënner erlieft?**

Dir gifft lech freeën:
iwwert Gespréicher an Austausch mat anere jonken Elteren, souwuel iwwert reliéis wéi iwwert gesellschaftlech Themen a Froen?

De *Mini – Treff*
bitt eng Gemeinschaft an der Kierch, déi Elteren mat hiere Kanner ophëlt. Hei gi chrëschtlech Werter wéi Solidaritéit, Vertrauen, géigesäiteg Ënnerstëtzung a Geschwësterlechkeet gelieft a gedeelt.

Jiddereen ass häerzlech wëllkomm am

Mini – Treff vun der Par Äischdall -- Helpert

onofhängeg vu senger gesellschaftlecher Stellung, senger familiärer oder finanzieller Situatioun.

Jesus stellte ein Kind in ihre Mitte, nahm es in seine Arme und sagte: „Wer ein solches Kind um meinetwillen aufnimmt, der nimmt mich auf.“ (Mk 9, 36-37)

Sech an der Kierch aktiv engagéieren ?
Flott Aktivitéiten am Grupp erliewen?

Komm bei d'Massendénger !

LËTZEBUERGER MASSENDÉNGER

Mell dech an denger Par beim
Här Paschtouer,
am Parsekretariat,
an der Katechese
oder
an der Zentral
vun de Lëtzebuerger
Massendénger fir weider
Informatiounen.

massendenger@cathol.lu
https://massendenger.cathol.lu

MOZART
ALLEGRI
PÄRT

ensemble vocal jubilate. musica luxembourg

Nicolas Billaux
direction

Leena Julin
orgue

HABSCHT
église

rue de l'Église
8374 HOBSCHEID

13 octobre 2019
17h00

Schweebecherbréck

Restaurant - Brasserie

Tel : 26 61 07 08 ou 691 328 975
L-8561 Pont de Schwebach

kops@pt.lu
www.schweebech.lu
A votre disposition pour vos fêtes, réunions, conférences…

No engem gudden lessen,
eng Drëpp
vum Ledesch vu Biissen

DISTILLERIE AGRICOLE - LIQUORISTE
PIERRE LEDESCH
23, rue des Forges (G.-D. de Luxembourg)
L - 7771 BISSEN
Tél.: 83 50 10 · Fax: 85 95 91
I.B.L.C.: 1135 20-45 · T.V.A.: 1943 0417 013

Wagner

pompes funèbres

Tél : 32 92 27 (24/24)

- Grande et nouvelle exposition permanente de cercueils et d'urnes en toutes catégories de prix
- Mise en bière des défunts en toute dignité et en respect de la famille et des alliés
- Réalisation de toutes démarches et formalités administratives et techniques
- Transports nationaux et internationaux
- Incinération sans adhérence à une société
- Fleurs et accessoires

45, rue Principale

L-7595 Reckange/Mersch

pfwagner@pt.lu

Au service des défunts et de leurs familles en deuil

24/24 heures pendant toute l'année